Lëtzebuerger Sprooch a Kultur
Summersemester 2019/2020

Aufgab Module 3 Literaresch Aufgab

# *Hommage un den Auteur a Moler*

# *Carlo Losch*



# Inhaltsverzeechnes

I Kandheet

II Jugend a Studium

III Engleschprofesser an d'brittesch Inselen

IV Auteur

V Moler

VI De Mënsch Carlo Losch

VII Seng Bicher

VIII Schlusswuert

IX Merci

E puer Biller

## I Kandheet

De Carlo Losch gouf den 3. September 1937 gebuer. Hien hat nach eng jénger Schwëster. Seng Mamm hat eng Epicerie zu Bouneweg um Eck vun der Nicolas-Martha-Strooss an der Tony-Dutreux-Strooss. Doduerch hat d'Famill Losch vill Kontakter duerch ganz Bouneweg.

De Carlo war e ganz sportleche jonke Mann, hie war Champion d'Europe am Judo. Eng musikalesch Ausbildung hat hien och genoss an hie gouf e gudde Posaunespiller dee spéider an de Stater Caféen gespillt huet.

E Mupp huet och ëmmer zu der Famill gehéiert, an dee soll nach fir e grousst d'Gléck suergen.

## II Jugend a Studium

Bei deene séllege Spadséiergäng mam Mupp duerch Bouneweg huet de Carlo Losch d'Léift vu sengem Liewe kennegeléiert, d'Madame Marie-Thérèse Reiff, déi an der Pierre-Krier-Strooss opgewuess war.

No der Première 1956 am Lycée des Garçons an der Stad, huet de Carlo Losch e Medizinstudium zu Heidelberg ugefaangen. Hie wier ganz gewëss e ganz wonnerbaren Dokter ginn, vue dass hien esou e sensibele Mënsch war. Mee, beim Sezéiere vun de Läichen huet hie gespuert, dass dat näischt fir hie war.

Doropshin huet hien zu Lëtzebuerg d'Lehrernormalschule absolvéiert an huet zwee Joer als Schoulmeeschter zu Dräibuer geschafft.

Duerno huet hien Anglistik zu Saarbrécken studéiert. An hien huet 1964 als Engleschprofesser am Lycée des Arts et Métiers ugefaangen ze schaffen.

Hien huet d'Madame Marie-Thérèse Reiff bestuet a si hu fir d'éischt emol an hirem gemeinsamen Heemechtsuert Bouneweg gewunnt. Mee scho virum Bestietnes huet de Carlo Losch säin daperen an treie Charakter bewisen: d'Marie-Thérèse huet eng chronesch Krankheet, a seng zukünfteg Schwéiermamm, déi Infirmière war, huet hie bei sech geruff an hie gewarnt, dass déi Krankheet ni géing fort goen, an dass hien dofir hiert Meedche besser net bestuede sollt. Mee de Carlo Losch war a senger Entscheedung ganz kloer an huet seng grouss Léift bestuet! An dat sollt net déi

leschte Kéier gewiescht sinn, dass hien staark an loyal zu senger Fra stoung!

De Kannerwonsch war natierlech och net einfach fir déi jonk Koppel, dofir war d'Freed iwwert d'Gebuert vun hirem Jong ëmsou méi grouss!



Hei op der Foto ass de Carlo Losch op der Chrëschtdagsfeier 1964 an der Famill ze gesinn.

## III Engleschprofesser an d'brittesch Inselen

De Carlo Losch hat als Engleschprofesser seng Beruffung fonnt. Hie war e ganz beléiften Enseignant souwuel bei de Schüler wéi bei sengen Aarbechtskolleegen. Säi sympathescht a frëndlecht Wiesen hunn dat bewierkt. Mee och seng grouss Kompetenz a sengem Fach. Wou 1976 d'Queen Lëtzebuerg besicht huet, waren och de Carlo Losch a seng Fra invitéiert, ënner anerem well hien immens gutt Englesch konnt. Hie war deemools ee vun deene Lëtzebuerger deen am beschten Englesch konnt am ganze Land.

Hien hat zwar net an England studéiert – wat muncher een him virgeworf hat – mee dëse Virworf huet de Carlo Losch méi wéi eliminéiert mat senger Begeeschterung a Leidenschaft fir England, Schottland an Irland!

Hien huet d'brittesch Inselen esou vill bereest, dass hien engem genaustens konnt soe wou wéi e Restaurant wier, a wat op der Kaart ugebuede gëtt. Hie wosst genau wéi d'Fären tëscht de verschiddenen Insele fueren an op wat e misst oppassen.

Hien huet immens vill Reesen an England a Schottland organiséiert, souwuel fir seng Schüler wéi och fir Frënn, Bekannten, d'Famill oder de Rotary Club. Wann hie mat enger Klass dohi gereest ass war net nëmmen alles beschtens bis an dat klengst Detail organiséiert, mee hien hat sech och vill Méi ginn am pedagogesche Volet fir déi Jonk ze interesséieren. Hien hat Quizzer a pedagogesch Froekataloge virbereet fir di Jonk ze motivéieren. Hien hat scho ganz fréi verstanen, dass wann e Mënsch eppes léiere soll, een e begeeschtere muss dofir. Motivéieren - dat heescht „Loscht drop maachen!“ An wat mécht engem Schüler méi Loscht wéi dem Prof seng Begeeschterung a Leidenschaft? Mat dësem Verständnis huet de Carlo Losch bei ville Jonken den Interessi fir d'englesch Sprooch an d'Kultur erwächt.

De Carlo Losch hat en enormt Wëssen zu quasi all de Sehenswierdegkeeten an Gewunnechten op de britteschen Inselen. Hie war e „self-made man“, net am wirtschaftleche Sënn, mee am intellektuelle Sënn! Dëst Wëssen hat hie sech deelweis ugelies an deelweis ass hien d'Informatiounen am Gespréich mat de Leit op der Plaz gewuer ginn. Well mat senger jovialer Natur huet de Carlo Losch liicht Kontakt fonnt.

A spéidere Joren huet hien am Arts et Métiers net nëmmen Englesch ënnerriicht mee och Geschicht vun der Technik an Erfindungen, zum Beispill d'Erfindung vun der Dampmaschinn. Dank sengem breetgefächerte Wëssen, war dat fir hien eng einfach Saach. Hien hat eng natierlech Autoritéit bei de Schüler a war e beléiften Enseignant.


Nieft senger Aarbecht als Englesch-Prof am Arts et Métiers, huet hien awer och vill Owescoursë fir Erwuessener ginn. A natierlech och fir si dann erëm Reesen organiséiert! ...wat eng enorm Aarbecht – dat muss ee sech mol virstellen!

Hien huet och ouni Bezuelung am Prisong Englesch ënnerriicht.

Als Erhuelung ass hien da reegelméisseg mat e puer Frënn op d'Isle of Skye gereest fir do a Rou Saumon ze fëschen. Am Hotel war hie gutt bekannt well mat de Joren hat sech erauskristalliséiert, dass d'Isle of Skye säin absolutte Coup de coeur war. Hien hat ganz vill Frënn do mat deenen hien gären zesumme war. Dat weist nach eng Kéier wéi immens gutt säin Englesch war, an wat fir e gutt Ouer hien hat, well de schotteschen Accent ze verstoen ass net einfach.

# IV Den Auteur

De Carlo Losch war en exzellente Beobachter, souwuel fir Landschaften an Déieren, wéi seng Biller beweisen, wéi och fir dat mënschlecht Mateneen! Dës wonnerbar Beobachtungsgab kombinéiert mat der Fäegkeet fir sech mat Wierder präzis auszedrécken hunn hien zu engem wonnerbare Bicherauteur gemaach.



Mat immens grousser Sensibilitéit an Opmierksamkeet beschreift hie seng Personnage ganz detailléiert, sou dass de Lieser sech dem Protagonist ganz no fillt.

Säin enormt a breetgefächert Wëssen, iwwer d'Geschicht, d'Politik, d'Technik an ëmmer erëm dem Mënsch säin déifste Kär – seng Psyche - maache seng Bicher spannend a selbstverständlech och ganz beréierend. An et war och dëst grousst Wëssen, dat hie senge Matmënsche wollt zur Verfügung stëllen op eng agreabel an amüsant Fassong: an engem gudde Buch!

Ech wëll och bemierken, dass di sproochlech Komponent net ze ënnerschätzen ass: hie war Englesch-Professer an Englesch schreiwen hätt him gewëss geleeën, mee zu Lëtzebuerg wär d'Lieserschaft wuel kleng bliwwen, sou dass hien op Däitsch geschriwwen huet. Hien huet also nach op d'mannst dës zousätzlech Sprooch enorm gutt beherrscht!

Den Erléis vun de Bicher huet hie sengem Rotary-Club-Horizon gespent, deen d'Geld dann u gutt Wierker weidergeleet huet. Mee och d'Conferencieren kruten heefeg eent vu seng Bicher geschenkt.

## V De Moler

Wärend dem Molen a sengem Atelier am Gaardenhaus, dat hie selwer gebaut hat hannert hirem Haus zu Mamer, huet de Carlo Losch vill Musek gelauschtert. Souwuel klassesch, wéi Jazz oder Swing, mee am léifsten „New Orleans Dixilandband“. Vun dëser Band war hien e richtege Fan. Schottesch Musek huet hien natierlech och ganz gäre gelauschtert.

Ugefaangen huet hie mat Landschafts- a Blummebiller, an dat am Ueleg, Aquarell, Tempera oder Gouache.
Spéider da koumen och wonnerschéin Déierebiller dobäi – en Annexe sinn der e puer ze gesinn.

Fir d'Skizzen aus Brittanien huet hie ganz vill Portraite gemoolt déi immens gelonge sinn.

De Carlo Losch huet vill a gär gemoolt an och heefeg ausgestallt.

Vill Biller huet hie fir de Rotary-Club gemoolt, sief dat Vuë vun der Stad fir e Joreskalenner ze editéieren oder fir op Telleren ze brennen oder Postkaarten. Den Erléis war fir de Rotary-Club deen da gutt Wierker ënnerstëtzt huet. De Carlo Losch war e ganz generéise Mënsch!


De Carlo Losch a seng Fra haten de britteschen Ambassadeur zu Lëtzebuerg gutt kannt, a waren all Joers op Queen's Day an op de Christmas Carol an d'Ambassade invitéiert. Bei esou engem Besuch koum et dann och dozou, dass de Carlo Losch am Kontakt mat der Queen hir eent vu senge Biller geschenkt huet.

Och beim Mole fält op wat fir en opmierksame Beobachter de Carlo Losch war, hei kombinéiert mat engem grousse Moltalent a vill Léift fir d'Detailer.

## VI De Mënsch Carlo Losch

De Carlo Losch huet immens vill gelies. Seng Devise war: „Wann s Du Der onsécher bass, da kaf Der e Buch dozou!“ Hien hat eng fantastesch Bibliothéik doheem. Hie war un allem interesséiert a konnt bei all Theema matschwätzen, sief dat Musek, Technik, Literatur, Biologie, Politik, Konscht, … Hie war e ganz gebilte Mann dee sech dëst Wësse selwer erschafft hat. Et kann een de Carlo Losch als „self-made man“ bezeechnen, well dat war hien. Wuel net am wirtschaftleche Sënn, mee am intellektuelle Sënn. Domat war hien och fir säi Jong, mat deem hien e ganz gutt an enkt Verhältnis hat, e ganz grousst Virbild.

D'Internet war dofir fir hien e Paradäis! Wärend vill eeler Leit de Computer scheien, souz de Carlo Losch bis zu senge leschten Deeg mat Freed beim Computer, souwuel fir sech Wëssen unzëeegne wéi fir sozial Kontakter ze fleegen.



De Carlo Losch war och en ausgesprachene Familljemënsch. Hei op der Foto gesäit een e grad beim reegelméissege Kaartespill mat senge Schwoeren. Doheem, mat Fra, Jong a Mupp, gouf et ëmmer e friddlecht an harmonescht Zesummeliewen.

Ronderëm de Snooker-Dësch am Gaardenhaus huet hie sech reegelméisseg mat Famill a Frënn getraff oder et gouf Backgammon gespillt. Hie war e ganz gesellegen a zudéifst friddlechen a sozial agestallte Mënsch!

Dat war och eng Ursaach firwat hie sech am Rotary-Club engagéiert huet oder an der Gemengepolitik. Hie war vun 1976 bis 1982 als Schöffe fir d'DP an dem Mamer

Gemengerot.

Hien huet 1977 de FNELs Grupp d'"Mamer Wiselen" matgegrënnt a war laang hire President. 1997 huet hien d'Amicale vun de Mamer Wiselen gegrënnt a war och do laang President.

Hie war e ganz hëllefsbereete Mënsch, sief dat fir seng Fra, zu där hien an all de Jore vu Mariage oder Krankheet trei zur Säit stoung oder fir seng Schüler, fir si esou wéi et nëmme pedagogesch iergendwéi méiglech war, ze ënnerstëtze beim Léiere vum Engleschen oder fir gutt Wierker ze ënnerstëtzen.

Hien hat e wonnerbaren Humor an huet gäre witzeg Anekdote oder Witzer verzielt – zur Freed vu senge Matmënschen.

Seng Leidenschaft fir d'brittesch Inselen an am spezielle fir Schottland, haten e puer ganz schéin Effekter op säi perséinlechen Alldag heiheem zu Lëtzebuerg. Sou hat hien zum Beispill natierlech en engleschen Auto, oder hat englesch/schottesch Kleeder oder seng Päif. Wie Schottland esou gären huet wéi de Carlo Losch, stéisst natierlech fréier oder spéider op de Whisky. Hien huet alles iwwert den Hierstellungsprozess kannt, a selbstverständlech och wéi een en am beschten degustéiert. Hie perséinlech hat am léifsten de staark getorften Talisker oder Laphroaig. Hien huet gäre seng Frënn a Bekannten an d'Konscht vum Whisky-Drénken agefouert. Am allgemengen war hien e Genéisser, dee vill Freed u guddem Iessen hat. Gekacht huet hien och immens gären.

Domat si mer beim „Torf" ukomm. De Geroch, wann Torf am oppene Feier verbrannt gëtt ass e ganz spezielle Geroch, deen de Carlo Losch direkt u seng zweet Heemecht, Schottland erënnert huet, wou dat Usus ass. Wéi frou war hien dann, wann e Frënd him e puer Kilo där schwéierer Torfbrikette matbruecht huet fir se a senger Schminnie a sengem Gaardenhaus ze verbrennen an dëse gudde Geroch och doheem genéissen ze kënnen.

Frëndschaft war eppes ganz Wichteges fir de Carlo Losch. Hien hat vill Frënn, an déi soe vun him, dass hien e gudden an éierleche Frënd war, deen alles ginn hätt fir engem anere Mënsch eng Freed ze maachen!

Hei eng Citatioun vum Här Fouad Rathle, e gudde Frënd vum Carlo Losch mat deem hien ëmmer Mëttwochs Owes Snooker gespillt huet: „Carlo était un homme de cœur à la générosité exacerbée mais discrète, qui n'a jamais réclamé d'honneurs, et accomplissait dans le silence toutes ses œuvres."

## VII Seng Bicher

Hei Buchbespriechungen zu dem Carlo Losch senge Bicher, a chronologescher Reiefolleg wéi d'Bicher geschriwwe goufen.

1) **„Die Irische Variante"** erauskomm 1990

Wie sech op e flotten a spannende Krimi agestallt hat, gëtt vun dësem Buch méi wéi positiv iwwerrascht! An dësem Wierk sinn esou wuel ganz vill geschichtlech an technesch Kenntnesser dran agebaut, wéi och exakt geographescht Wëssen, gespickt mat literaresche Referenze vun engem vill beliesene Mann a last but not least ass och nach op ganz charmant Aart a Weis eng schéi Libesgeschicht dra verwieft an dat Ganzt ass mat enger gudder Partie Humor gewierzt.

De Roman fänkt un um Schluss vum zweete Weltkrich zu Hamburg, wou de Wandheim op sengem Schëff héichrangeg Nazien an eng mysteriéis Ladung an Irland féiere soll. Vue dass dëst eng Geheimmissioun ass, versteet den erfuerene Schëffskapitän séier, dass et esou geplangt ass, dass hien dës Missioun net iwwerliewe soll. Also hëlt hie säi Schicksal an d'Hand an eng turbulent Aventure hëlt hire Laf. Mëtt der 1970ger Joren, hëlleft dann de Bob, sengem Frënd Peter déi mysteriéis Ladung ze fannen. Mee ganz séier mierke si, dass do nach anerer sinn, déi dëse wäertvolle Schatz gären hätten, an déi zécken net fir iwwer Läichen ze goen.... Spannung a Revirementer bis op déi lescht Säit! A no der leschter Zeil muss de Lieser haart laachen – hei schléit dem Carlo Losch säi fantasteschen Humor nach eng Kéier richteg zou! Sidd gespaant!

Dëse Roman géing sech wonnerbaart als Filmdréibuch eegenen!

2) **„Die Irrfahrten des John Peter D."** erauskomm 1994

Duerch de Cover mat engem Boot, hat ech mech ierleede gelooss an hat mech op eng „Irrfahrt" op dem Mier agestallt. Mee dat wier wuel vill ze iwwerflächlech gewiescht fir de Carlo Losch, deen e grousst Wëssen iwwer d'mënschlech Psyche hat.

An dësem Buch beschreift hien déi éischt Hallschent vum Liewe vum John Peter D.. Vun der Gebuert bis zum Erwuessesinn. Et ass eng ganz detailléiert a realistesch Erzielung. D'Erzielung fänkt lues a lues un - wéi e mënschlecht Liewen och. Fir d'éischt lues – mee ëmmer interessant a gespickt mat Detailer iwwer déi et sech rentéiert nozedenken! Dann, als jonke Mënsch, gëtt dem John Peter D. säi Liewe méi turbulent,

bis zu dem dramateschen Héichpunkt op deem de Lieser sech freet ob den John Peter D. dat wuel iwwerliewe wäert. D'Buch baut sech zu engem spannende Liewens-Drama op! Merci fir déi lëscht Zeil! ...falls Dir elo virwëtzeg gi sidd, da liest selwer. Et ass et derwäert!

Tëschent de Liewensetappen ass dat ganzt Buch mat wonnerbaren Detailer versinn: zum Beispill eng Reflexioun vum Auteur iwwer de Beruff vum Enseignant: „Nur die besten Pädagogen bringen in dieser Hatz wirklich etwas an den Mann, diejenigen, die sich dauernd in Frage stellen und sich den wechselnden Anforderungen der Umwelt, der Jugend und des Arbeitsmarktes anpassen.“ Säit 87

De Carlo Losch ass e wonnerbare Beobachter deen dann och nach zousätzlech immens treffend seng Beobachtungen a Wieder faasse kann, wéi hei bei der Beschreiwung vun enger typescher „Hafenkneipe“: „Der Pelikan war einer jener düsteren Hafenpubs, die man in allen Häfen der Welt antrifft, schmutzig, verräuchert, mit einer Patina versehen, die nur das Alter, der Tabak und die Ausdünstungen unzähliger Kunden über die Jahrzehnte, auf Mauern, Decken, Bildern und manchmal auch Menschen hinterließ, für die diese Pubs oft das einzige Zuhause sind, das sie in ihrem fahrenden Dasein kennen.“ Säit 111.

Mee d'Beschreiwung vun der ënnerschiddlecher Liewensphilosophie vun den Englänner an de Süd-Fransousen geet engem richteg un d'Häerz: „Die Leute hier unten hängen oft an ein paar Erbstücken, nicht wegen ihres materiellen Wertes, sondern weil sie sie an einen Menschen erinnern, der in ihrem Leben eine Rolle gespielt hat. Sie arbeiten für die Dinge, die zum Leben unentbehrlich sind, den Rest ihrer Energie verwenden sie darauf, ihrem Leben einen Inhalt zu geben, sie pflegen jenen gesunden Egoismus, der eine echte, tiefe Beziehung zu den Mitmenschen erst möglich macht. Sie sorgen dafür, dass die wichtigste Person in ihrem Leben, nämlich sie selbst, zufrieden ist, erst dann können sie sich ihrer Umwelt positiv zuwenden.“ Säit 146.

Ganz zum Schluss vum Buch beweist de Carlo Losch dann nach wat fir exzellent Kenntnisser hie vun der mënschlecher Psychologie huet, andeem hien dem John Peter D. seng déif Liewenskris detailléiert beschreift. Wéi den John Peter D. lues a lues dora rutscht, dann um Déifpunkt ukënnt an ufänkt säi bisheregt Liewen ze analyséieren, wat ganz schmäerzlech fir hien ass. „Ganz allmählich wurde ihm klar, und diese Erkenntnis nahm immer erschreckendere Ausmaße an, dass John Peter D. irgendwo in seiner Laufbahn auf ein Nebengleis geraten war und am Leben vorbei gelebt hatte.“ Säit 284.

Donieft gëtt et nach onzieleg gutt duerchduechten Iwwerleeungen zu Philosophie, Gesellschaftspolitik, Ökologie, Relioun etc. an dem Zesummeliewe vu Mënsche resp. dem Mariage, déi alleguer wäertvoll Ausgangsbase si fir Reflexiounen an Diskussiounen.

### 3) **„Skizzen aus Britannien“**

Band 1 erauskomm 2002, Band 2 erauskomm 2004

Iwwert all déi Joren hat de Carlo Losch en immenst Wëssen iwwer England an am speziellen iwwer Schottland ugesammelt. Et war him eng Freed an e Grondbedierfnis dëst Wësse senge Matmënschen ze vermëttelen, ob eng agreabel Aart a Weis. A senge Publikatiounen an der „Warte“ vum Luxemburger Wort ass dëst him wonnerbar gelongen. Hie wollt den Interessi an d'Virwëtzegkeet vun de Leit fir England erwächen.

All d'„Skizzen“ si mat wonnerschéine Biller illustréiert a liese sech immens angeneem, an déi eng „Skizz“ mécht virwëtzeg op déi nächst. Et sinn eenzel Personnagen oder Evenementer beschriwwen. Bei all virgestallte Personnage huet de Carlo Losch eppes ganz Perséinleches vun dem Personnage ze verzielen. Ech hat schonn esou munch Biographie kannt, mee bei all Personnage sinn ech dach erëm eppes Neies iwwert déi Persoun gewuer ginn! ...do freet e sech dach, wouhier hien dëst Detail wousst. Wat erëm weist wat fir e fantastesche Wëssensschatz hien hat.

De Lieser kritt peu-à-peu e ganz schéinen Abléck an d'Geschicht vu Britannien, a genau dat wëll den Auteur jo erreechen.

Wësst Dir wéi d'Florence Nightingale zum Numm „Die Dame mit der Lampe“ koum? Oder aus wéi enger Noutsituatioun eraus de Lord Robert Baden-Powell of Gilwell d'Scouten erfonnt huet?
Och wann e mengt et géing een ze engem Theema/Personnage schonn alles wëssen, de Carlo Losch bréngt et ëmmer erëm fäerdeg en Detail ze reveléieren!

### 4) **„Max – Mein Mensch und ich“** via Amazon

Et kéint e mengen, dass de Carlo Losch iergendwéi op den Hond komm wier. Mee, deem ass nu wierklech net esou! Hien huet eng ganz schéin a ganz perséinlech Aart a Weis fonnt, fir eng - ech géing et nennen - Häerzens-Autobiographie ze schreiwen!

Éischtens well säin treie Mupp – hien hat a sengem Liewen 4 „West Highland White Terrier“, kuerz „Westie“ genannt – den Erzieler ass, an dat aus dem einfache Grond, well hien immens frou war mat senge Muppen! E Mënsch deen emol d'Gléck hat en Hond säin Frënd dierfen ze nennen, versteet dat. A wien dëst Gléck nach net erlieft huet, soll sech hei mat engem Urteel zeréck halen.
Zweetens huet de Carlo Losch esou net misse no enger klassescher Autobiographiestruktur schreiwen, mee hie konnt seng Autobiographie aus sengem Häerz eraus schreiwen. An dat mécht se wesentlech méi wäertvoll wéi anescht.

Duerch dat ganzt Buch mierkt de Lieser ëmmer erëm wéi frou de Carlo Losch mat senger Fra war, an dass si him op Reese gefeelt hat, wa si hien aus gesondheetleche Grënn net begleede konnt. Si huet him ëmmer de Réck fräi gehalen, sou dass hie senge villen Aktivitéiten nogoe konnt. Mee hien huet dat och appreciéiert, wéi am „Skizzen aus Britannien“ Band 2 steet: „Dieses Buch ist Tessy, einer sehr geduldigen Frau gewidmet.“

Aus dem Max senger Perspektiv erzielt de Carlo Losch vu senger Leidenschaft: Schottland - seng Mënschen, seng Landschaft, seng Geschicht a säi Whisky. An dat natierlech op dem Carlo Losch seng ganz perséinlech, häerzlech an héich kompetent Fassong.
Vill philosophesch Iwwerleeunge sinn dra verschafft. De Max verzielt vu sengem Härche senger Zäit als Enseignant: „Für ihn *(säin Herrchen)* ist Strafe  ein Unding, ein Eingeständnis der eigenen Unfähigkeit ein Problem zu lösen.“ Säit 40.

Och dem Carlo Losch seng Vue op d'Politik gëtt beschriwwen: „...wenn es Ernst wird in der Politik muss man lügen können“ an e bësse méi wäit ënnen: „Doch sie *(d'Politiker)* sind die Sklaven der Banken, der Industrie und der Lobbyisten, ......“ Säit 114. An och seng perséinlech Erfarungen an der Politik erzielt hien.

Et geet kloer draus ervir, wat fir e sensibelen an léiwe Mënsch de Carlo Losch war, deem d'Aktualitéit mat Krich an all de Katastrophen op eiser Äerd oft zougesat huet an hie verdrësslech gemaach huet. Dann hunn him d'Natur, d'Musek an d'Gesellschaft vu senge ville Frënn gehollef, erëm Freed um Liewen ze fannen an natierlech och säi Mupp, deen him ëmmer nogelauschtert huet a bei him war.

Dem Carlo Losch säi Schreifstil ass esou ofwiesslungsräich a faarweg, dass d'Liesen e Genoss ass.

D'Chronologie vum Erschénge vun dem Carlo Losch senge Bicher passt genau bei eng mënschlech Liewensëntwécklung: fir d'éischt méi Abenteuer a Spannung, duerno e Bléck op wéi e Mënscheliewe sech opbaut, dann dat eegent Fachwësse weider ginn, an e Réckbléck op dat eegent Liewen.

## VIII Schlusswuert

Hei wëll ech gären aus dem Här Gast Walzing sengem Virwuert aus dem 2. Band vu „Skizzen aus Britannien" zitéieren: „Mit Carlo Losch habe ich das Glück einen Menschen zu kennen, den ich nicht nur als Maler und Schriftsteller schätzen gelernt habe, sondern auch als Humanisten – einen Freund, dessen soziales Engagement ein Beispiel für viele ist und sein sollte. Wie kaum ein anderer setzt sich Carlo seit Jahren für die Belange seiner Mitmenschen ein, insbesondere für die schwächsten Mitglieder unserer Gesellschaft.
Sein Lebensweg sollte uns ein Lehrstück sein und uns alle daran erinnern, dass unsere gesellschaftliche Ordnung auf Solidarität und sozialem Zusammenhalt wurzelt."
Ech schléisse mech dëse wonnerbar treffende Wierder un!

De Carlo Losch war en immens sympatheschen an empatheschen, waarmhäerzegen, gebilten, kompetente, a bei senge Matmënschen héich geschate a beléifte Mënsch an jidderee deen e kannt huet, ass frou dëst Gléck an dës Éier gehat ze hunn.

## IX Merci

Bei menge Recherche via Internet hunn ech eng kuerz Biographie am Autorenlexikon an en Artikel am Luxemburger Wort vum 12.11.2019 fonnt. D'Biller an d'Fotoen sinn deelweis vu facebook oder aus dem Privatbesëtz vum Här Tom Reiff.

E grousse Merci soen ech den Hären Tom Reiff, Lucien Kerger, Fouad Edmond Rathle a Paul Reiff an de Madammen Marie-Thérèse Losch-Reiff an Evelyn Reiff-Schaus fir hir Erënnerungen déi si mat mir gedeelt hunn an domadder dësen Hommage erméiglecht hunn.

Karin Reiff-Halbig
Tréier, am Juni 2020

Nach e puer Biller, als Impressioun:






CL 2016










Portrait vum „Charles Darwin vor der Entdeckungsfahrt auf der „HMS Beagle“„  am Buch „Skizzen aus Britannien“ Band 2 op Säit 36
Original am Privatbesëtz vum Här Tom Reiff